# Collage-Concours

KANNER GEMENGEROT

Fir dëst Schouljoer huet de Kannergemengerot decidéiert eng Aktioun zum Thema Offalltrennung duerchzeféieren.
Fir Iech d'Thema op eng praktesch Manéier verständlech ze maachen an d'Erreeche vum Superdreckskëscht-Label fir d'Schoulen ze ënnerstëtzen, sidd dir invitéiert beim

**Collage-Concours**

matzemaachen.

Kreéier ee Collage

➔ de bei eng Dreckskëscht passt
➔ de ausseet, wat fir ee Knascht an dës Dreckskëscht gehéiert
➔ oder wat fir ee Knascht grad net do dra gehéiert

Spillregelen:

- beim Collage-Concours dierfen all Schüler vum c2-c4 matmaachen, Eenzel oder als Grupp.
- d'Kreatioun soll op een Din-A4 Blat gepecht ginn.
- et däerf minimal gemoolt resp. geschriwwe ginn.
- Schreift ären Numm, Klass a Schoul op d'Récksäit.
- De Concours leeft vum 10. Mäerz bis den 28. Mäerz.
- Freides den 28. Mäerz komme Vertrieder vum Kannergemengerot är Biller asammelen.
- Et gi flott Präisser ze gewannen (1. bis 3. Plaz), all Participant kritt eppes Klenges.
- Zousätzlech ginn d'Gewënner-Biller aus all Kategorie als offiziellen Autocollant fir déi Dreckskëscht an eise Schoulen geholl.

De Concours gëtt vun der Gemeng, dem Gréngen Haus an der Superdreckskëscht ënnerstëtzt.

## Offalltrennung

Wat ass dat?

Wou kënnt wat dran?

Wéi vill verschidde Dreckskëschte gëtt et an der Schoul?

Kuck Dir den Tableau genee un. Do gesäis de, wat et fir Dreckskëschte gëtt, wat do dra gehéiert a wéi ee Collage dozou kéint ausgesinn.

| Offall | Poubelle | Collage |
|---|---|---|
| **Pabéier** → Blieder, Pabéierdicher, etc. |  |  |
| **Valorlux-Tut** → Tetra Pak, Plastiksfläschen , Béchsen |  |  |
| **Sondermüll** → Pech, Tipp Ex, Patrounen, Tuschbicken, Benzinstëft etc. |  |  |
| **Restmüll** → Iessensreschter, Verpackungen (Actimel a Capri-Sonne) etc. |  |  |